



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture  
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°7568 vun der éierbarer Deputéiert Martine Hansen**

**Fir wat bleift et bei der Ausbezuellung vun de Primme fir d'AUKM beim Termin vum Februar, obwuel d'Anträg ee Mount méi fréi hu missen op elektroneschem Wee agereecht ginn?**

**Wäerten d'Primmen an Zukunft éischer ausbezuelt ginn?**

**Wéi gesäit et mat den Delaien aus, wann no an no och all aner Primmen op elektroneschem Wee mussen agereecht ginn?**

Déi éierbar Deputéiert Martine Hansen schreift an hirer Fro vun den „Anträg fir déi nei Agrar-Ëmwelt-Klimamoosnamen (AUKM), inklusiv der Landschaftspflegeprimm, (déi) bis spéitstens den 31. Oktober via MyGuichet.lu agereecht ginn“.

Dat sinn d'Engagementer, déi fir déi nei Agrar-Ëmwelt-Klimamoosnamen eragereecht musse ginn. Dësen Datum war eng Recommendatioun (den entspreichende Règlement grand-ducal ass an der Finalisatioun), fir d'Ufroe mat Zäite virum nächste Flächenantrag bearbecht ze kréien a fir se dann am elektronesch Formulare erëmzeginn.

Déi järelech Confirmatioun fënnt dono am Flächenantrag statt. Den Termin vum Flächenantrag ass fir 2022 op den 22. Abrëll ëm ee Mount no vir geréckelt ginn. Dëst fir de Betriber d'Méiglechkeet ze ginn, dësen administrative Schrëtt virun de Fréijoersaarbeschten ze finaliséieren.

Fir d'Joer 2023 gëllt de 17. Abrëll 2023, an ab 2024 den 31. März.

D'Ausbezuellung sinn iwwert d'EU Reglementer (n° 1306/2013 art. 75) festgeluecht: Ab dem 1. Dezember dierfen d'Bezuellungen ulafen. Normalerweis fänken d'Bezuellung mat den Akommesbäihëllefen un. Heivunner sinn déi meeschte Betriber betraff. Dono kommen déi méi spezifesch betribsorientéiert Agrar-Ëmwelt-Klimamoosnamen. Absëns d'Agrar-Ëmwelt-Klimamoosnamen an d'Öko-Regelungen si komplizéiert Primmeregimer a verlaangen zousätzlech Kontrollen. Deemno féiert dës Méiaarbecht zu enger méi spéider Ausbezuellung.

Um Ausbezuellungskalenner, dee mir järelech ëm d'Rentrée verëffentlechen, wäert sech aus dëse Grënn och an Zukunft an de grouss Lignen net vill änneren, och wann probéiert gëtt all Primmen sou zäitno wéi méiglech no der Demande ausbezuellen. D'Digitalisatioun wäert dofir eng grouss Hëllef sinn.

Lëtzebuerg, den 8 März 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN